



Geschicht vun engem Boxemännchen an der Lëtzebuerger Arméi

Mir sinn am Joer 2011. Genee den 06. Dezember. Dem Namensdag vum Kleeschen.

*An der laanger Geschicht vun der Lëtzebuerger Arméi hunn op dësem Dag während laangen Joeren **alleguer d'Leit déi an der Arméi an fir d'Arméi geschafft hunn** eng Tiitchen kritt mat Séissegkeeten an engem Boxemännchen.*

Bis virun e puer Joeren. Dunn war dat net méi sou. Ett gouf keng Tiitchen méi, nëmmen méi en Boxemännchen. Mais dat war jo keen Problem. Alleguer d'Leit hunn verstan dass gespuert muss ginn. An si waren alleguer zefridden mam Boxemännchen. Den Kleeschen hat hinnen dat jo och erklärt. Hien hat hinnen gesot: „Dir wësst jo, Wirtschaftskrise bei eis an an der ganzer Welt. Och mir mussen spueren.“.

Mee dëst Joer den 06. Dezember war alles anescht wéi déi Joeren virun. Den Här Generol, „Chef d'Etat-Major de l'Armée“, haat decidéiert, dass et iwerhaapt näischt géif ginn dëst Joer. Keng Tiitchen, keen Boxemännchen. Einfach näischt méi. An dat, ouni mam Kleeschen doriwwer ze schwätzen. Einfach „Et sinn keng Suen méi do, et muss gespuert ginn, et ass Krise“.

*All d'Leit vun der Arméi waren traureg. An virun allem d' Zaldoten. Wëll déi jo wierklech all Dag vill geschafft hunn, **sech ëmmer gutt geschéckt hunn an dat gemaach hunn, wat hier Virgesetzten ëmmer vun hinnen verlaangt hunn. Heiheem an dobaussen. Am Dëngscht vum Land an sengen Leit.***

Dass d'Kaderen vun der Arméi, virun allem d'Offizéier'er keen Boxemännchen méi sollten kréien, war fir si normal. E Saack voll Rudden, frësch geschnidden um Botterweck an iwwerrecht vum Houseker wier fir déi duergangen.

D'Zaldoten waren traureg an hunn d'Welt net verstan. Mee den Kleeschen as net komm. Net den 06. Dezember, an och net den 07. Dezember.

Si hunn sech mol iwwerluet wat si kinnten maachen an geduecht fir den Kleeschen dat mol matzedeelen dass si guer net frou doriwwer wiieren. An si hunn sech eng afalen gelooss.

Si hunn un een vun den Pavillons en Schëld matt enger Noriicht fir den Kleeschen gehaangen an gehofft, de Kleeschen géif daat gesinn. Op deem Schëld stoung ze liesen:

„Boxemännchen, wou bass du?“



D'Zaldoten hunn gewaart an gewaart, et ass Mëtteg ginn, an den Kleeschen war nach ëmmer net komm.

*D'Zaldoten hunn just um „Ordre journalier vum Centre militaire“ gelies, dass den Generol en grousst Iessen fir **30 Leit** am Offizéieschmess géif organisieren den 07. Dezember. An si hunn geduecht, dass dat wahrscheinlech fir den Kleeschen wier.*

c. Dîner du CEMA au MessOff le 07 Dec 11.

Programme :

071930 Dec 11 Apéritif au Mess Officier
 072000 Dec 11 Dîner au Mess Officier

Le SORavCI établira le BS pour les denrées +/- 30 Pers.
 Le SvReconv mettra 1 plongeur et 3 serveurs (piquet) à la disposition du Mess Off.
 RV au Mess le 071900 Dec 2011

Tenues :

Serveurs : S2 avec veste serveur (repassée)
 Plongeur : S4

Deux Gardiens de l'Armée assureront le guidage des invités vers le MessOff.

Le Commandant du CM

R. MANCINELLI
 Colonel

Matt engem décken Menu. Den Kleeschen kënnt jo nëmmen e Mol am Joer. An do kann den General sech et jo nëtt luppen loossen.

*Menu**Buffet italien*

*Tournedos du cerf
 sauce au poivre*

*Crêpes Suzette**Vins*

*Crémant Cuvée Pierre
 Domaine Viticole Schumacher de Wormeldange*

*Riesling Wellenstein Kurschels GPC
 Domaine Mathis Bastian de Remich*

Bordeaux Château Ferrand 1999

All d'Leit vun der Arméi hunn sech gefrot, firwat den Kleeschen nëmmen bei den Generol kënn an net bei déi aner Leit vun der Arméi.

An sie hunn sech eng aner Fro gestallt. Wou ass eisen Boxemännchen. Soll vielleicht den Budget fir Boxemännercher geholl ginn sinn fir den Menu fir den Kleeschen?.

*Oder villäicht nach méi. **Et ginn esou vill Iessen matt villen Leit am Joer organiseert** vum Generol. An dat kascht jo vill Suen. An et muss jo awer gespuert ginn. Et ass jo Krise.*



*Dat kinnt jo mol sinn. An fir jiddereen. **Awer net fir den Generol an seng Invitéen.***

Dir wësst jo, den Generol muss d'Arméi représentéieren.

*Den „Commandant adjoint vum Centre Militaire huet den Zaldoten gesot, si missten d'Schëld erof huelen virun 1700 Auer. Dat géif sech net passen fir dem Generol an dem Kleeschen dat esou ze soen. **An iwwerhaupt, hien wëllt jo och nach Generol ginn.** Dann wier et also net fir sech dat ze verschäissen.*

D'Zaldoten woren awer anerer Meenung an hunn d'Schëld an den Härebiereg gestallt. Si hunn gehofft, den Generol géif den Kleeschen mam Auto matbréngen. Si missten jo dann laascht fuehren an dann géifen si d'Schëld jo gesinn an villäicht awer drun denken.

Natierlech un Boxemännercher, net un den Menu.

Et ass Owend ginn an den Kleeschen huet mam Generol an deem sengem,, Restaurant Belle Vue“ um Härebiereg zesummen mat den Invitéen en superben Menu genoss.

Et waar eng laang Nuecht, den ganzen Menu huet jo missen giess ginn an den fillen Wäin huet jo och missen ganz gedronk ginn.

Den nächsten Muergen ass komm. Et war elo schons 08. Dezember. All d'Leit vun der Arméi haten elo verstanen, dass den Kleeschen si dëst Joer wierklech vergiess hat.

D'Schëld am Härebierg war och net méi do. Ett ass emol ugeholl ginn, dass hien sécher dat matgeholl hätt, den.....Kleeschen natierlech, ween soss?

Ett ass Nomëtteg ginn.. An do koum eng Neiegkeet iwwert den Zaldotensender.

Den Kleeschen hätt dem Här Minister vun der Arméi ugeruff a gesot, dass hien vum Generol keng Boxemännercher kritt hätt fir d'Leit an der Arméi. An dat kinnt jo wuehl net sinn. Hien wier wuehl beim Generol gewiescht, hätt och geduecht, dat wier fir den Leit Boxemännercher ze ginn. Mais deen hätt hien mat an den Offizeeschmess geschleeft fir do en décken Menu ze iessen.

An während dem Dessert hätt den Generol him dunn erklärt, et wieren keng Suen méi fir Boxemännercher do.

Doropshin hätt hien, den Här Minister gesot, hien géif direkt dem Generol uruffen an deem den Uerder ginn, hien wier jo schlussendlech deem säin Chef, dass hien soll direkt Boxemännercher fir d'Leit vun der Arméi bestellen, an virun allem fir seng gutt Zaldoten, dat Wichtigst wat d'Arméi huet.

Den Kleeschen hätt dem Här Minister gesot, hien géif seng Housekeren nach eng Kéier op den Botterweck schécken fir déck Ruddén ze plécken fir den Generol an nach e puer anerer déi daat verdéngt hätten..

*An de Kleeschen hätt dem Här Minister Merci gesoot an him versprach, dass hien dat nächst Joer matt him an nëtt matt dem Generol géif Boxemännercher organisieren fir d' Leit vun der Arméi. **Well op hien wier verlooss. Op den Generol awer nët. Deen wier guer nëtt fein matt sengen Leit. Deen géif nëmmen un sech denken.** An hien géif och net méi matt an den Offizeeschmess goen, et misst jo gespuert ginn, et wier jo schlussendlech Krise.*

An esou huet den Kleeschen am Joer 2011, zesummen mam Här Minister den Generol iwwerzeegt kritt fir awer, 3 Deeg méi spéit wei virgesinn, genee den 09. Dezember, den Leit vun der Arméi awer en Boxemännchen ze ginn.

An wéi esou oft, an den leschten Joren, huet den Kleeschen an den Här Minister vun der Arméi missen feststellen dass

„D'Arméi eng Herausforderung ass, all Dag,

esou guer um Namensdag vum Kleeschen,

an daat weinst engem klengen Boxemännchen!!!!“